



N°5108
Reçue le 18.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 18.10.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnéngsbau weiderzeleeden.

De 15ten September 2021 hunn ech an der parlamentarescher Fro 4967 de Logementsminister no Informatiounen zu den Aides au logement gefrot. Op d'Fro no der Unzuel un Dossieren déi aktuell nach traitéiert ginn, huet de Minister keng Zuele genannt an auswäichend geäntwert:

"Zur Fro, wéi vill Dossieren aktuell nach traitéiert ginn, ass fir d'alleréischt ze bemierken, dass fir eng finanziell staatlech Baihëllef kënnen auszebezuele muss kontrolléiert ginn, op di gesetzlech a réglementaire Bestëmmunge vum Demandeur erfëllt sinn. Den temps de traitement vun den Demanden ass deemno net nëmmen ofhängeg vun de Prozesser am Service mee och vun der Reaktivitéit vun den Demandeuren. Eng aussokräfteg Äntwert op d'Fro vum Har Deputéierten ass deemno net méiglech."

Am Staatsbudget 2022 an och a viréige Budgeten sinn d'Aides au Logement op ronn 30 Milliounen Euro pro Joer festgesat ginn. Bei esou héije Subventiounen muss de Ministère präzis Donnéeën ze hunn, fir d'Envergure an den Impakt vun dësen Hëllef z'evaluieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Dossieren, fir déi folgend Aiden, ginn aktuell nach traitéiert?
 1. Subventions de loyer
 2. Garantie locative
 3. Prime de construction
 4. Prime d'acquisition
 5. Prime d'épargne
 6. Complément de prime pour frais d'architecte et d'ingénieur-conseil
 7. Aide pour aménagements spéciaux pour personnes handicapées physiques
 8. Prime d'amélioration
 9. Subvention d'intérêt
 10. Bonification d'intérêt
2. Wat ass an der Moyenne d'Zäit déi tëscht der Introductioun/Reouverture vum Dossier



www.piraten.lu

a senger Clôture/dem Ausschëdde vun der Aide vergeet (opgelëscht pro Aide aus der
virdrun ugefouerter Lëscht)?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

